association des professeurs de l'enseignement
secondaire et supérieur du grand-duché de luxembourg a.s.b.l.

Lëtzebuerg, den 23. Mäerz 2019

Léif Memberen,

Mir wollte kuerz op d'Schreiwen agoen, dat den Educatiounsminister den 20. Mäerz un d'Direktioune geschéckt huet. Fir déi Memberen, un déi de Bréif nach net weidergeleet ginn ass, hu mer en an d'Annex gesat.

Am Punkt 1 geet et ëm d'Formation continue obligatoire. Laut Schreiwen soll all Enseignant ee Choix treffen tëschen zwou Méiglechkeeten.
Déi éischt Méiglechkeet ass, datt een am September 2019 mat enger neier Période de référence ufänkt an dann all Formation continue verléiert, déi ee virdrun ze vill gemaach hat. Déi Période de référence vun 3 Joer am RGD vum 6. September 2016 gëtt et nom Uerteel vum 12. Februar 2019[1] net méi. An och e "Verfall" vun enger Formation continue ass am Gesetz net virgesinn. Dofir huet dee Choix keng legal Basis.
Déi zweet Méiglechkeet ass och keng Optioun, well da soll ee mat deenen 48 Stonne Formation continue weider maachen wéi et virum Uerteel war. Dat huet awer och keng legal Basis well et elo erëm eng Obligatioun vun 8 Stonnen Formation continue an engem Joer gëtt (RGD vun 2007[2]).

Mir roden eise Memberen, hei kee Choix ze treffen a kee Schreiwen z'ënnerschreiwen an deem et drëm geet, sech fir déi eng oder aner Méiglechkeet z'entscheeden.

Bescht Gréiss vum Exekutivcomité

[1] https://justice.public.lu/fr/actualites/2019/02/arret-cour-administrative-tache-des-professeurs-zukunftspak.html
http://www.ja.etat.lu/40001-45000/40638CA.pdf

[2] http://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/2007/07/24/n1/jo

Siège social 389, route d'Arlon
L–8011 Strassen
apess@education.lu
apess.lu

Comité exécutif Gilles Everling
Patrick Beil
Jean-Marc Cima
Pascal Zeihen

apess a.s.b.l.
Numéro LBR F4426